

Familien DUEL

46 - 48

THEATER 1998

# FAMILLIEN DUEL

**DAUWENFIELS :**

**Jean Marie :**
**Marie Gelatine :** ~~Isabelle~~
**Marie Antoinette :**
**Jean Marie Junior :**

**FLOTTER :**

**Jempi :**
**Erna :**
**Rennee :**
**Alain :**

**SHOWMASTER :** Tim Karius
**ASSISTENTIN :** Warren Ashley

**SM :** E wonnerscheinen gudden owend gewenscht dir Kandidaten an dir leift Publicum. Heartzleg wellkomm bei onserem Familliendueil.
Mir hun wei emmer zwou wonnerbar Familjen inviteiert dei sech hei en gnadenlosen an erbarmungslosen Konkurenzkampf liveren waerten. ( Den SM geet bei d Famill DW. )

**SM :** Eis gewenner vun der leschter woch, famill Dauwenfiels, si hunn bis elo en total vun 341 Punkten ereecht, an sinn haut fir di 3 keier mat derbai. Fir dei leit dei haut ereischt ageschalt hun stellen si sech nach eng keier fir.

**JM :** Ech sinn den Jean-Marie Dauwenfiels 3. vum numm, ech hun 43 Joer an beruflech handlen ech mat aalen Haiser. Ech spillen leidenschaftlech gaeren Golf.

**MG :** Ech sinn Marie-Gelatine Dauwenfiels gebierteg von zu hohen Steuern. Ech hun 28 Joer 2 wonnerschein Kanner opt d Welt gesaat an sinnn Hausfraa aus leidenschaft.

**JMJ :** ( Brellt dertescht ) Waat mess du dann den ganzen daag, du hues dach fir alles en Bedengschteten. An ausserdem hues du keng 28 Joer mee der opt mannst schon 38.

( MG kuckt ganz entruesst )

**MA :** Main numm ass Marie-Antionette Dauwenfiels sinn 12 Joer aal, sinn schuelerin am Koleisch an spillen Pianno am Konservatoir.

**JMJ :** Ech sinn den JMJ Jean-Marie Junior hun 17 Joer , lauschteren gaeren haard Musek an iwwert Schoul schwaetzen ech leiwer net.

**SM :** Mer dir sidd mir jo eng gans noobel Famill . ( zum Publikum ) awwer flaischt och schon ebesschen snob .
( geet bei dei aaner Famill )

**SM :** An ech begreissen eis Famill Flotter dei deen weitten Wee aus dem onfruchtbaren Eislek zu eis ant zivillisation font hun . Et ass elo un ierch : Stellt ierch wier.

J : Bof waat soll ech do fill soen ech sin de Jempi Flotter vun do oewen Bauer aus Leidenschaft an stoltzen besetzer vun 128 Charolais Beischter .

E : Majo ech sinn Flotters hiert Erna an hun och 2 wonnerschein Kanner. Ech streichen Kei an um Waschbur bescheissen ech garen dei fain Haeren aus der Staat. ( Demonstratieven Gest op d'Famill DF. )

R : E, e, e, ech sinn d Renee Flotter an maachen d Tippen an eisem Doref verreckt.
Bei Hollaendegen touristen soen ech och net nee.

A : Mai numm ass Alain Flotter, ech gin an d Aakerbauschoul op Ettelbreck. Speider hun ech welles mengem Papp sain betrieb ze iwwerhuelen.

SM : No dem sech d Kandidaten geigensaiteg kennen kommen mir zu eiser eischter Ronn.

## 1. Ronn

SM : Mir hunn 10 Leit gefroot : Wei geif dir am leifsten aer Schweiermamm embrengen ?
( Flotter mhoep am schnellsten.).

J : Erschloen, dann verbrennen, dann hannert dem Trackter hierzeien an zu gudderlescht anzementeieren.

SM : Dir hut dei richteg reienfolg geroden an hut soumat dei voll Punktzuel errecht. Daat wieren 40 Punkten.
( Flotter sprangen an d Lut, d'Rennee streckt den DF. d'Zong eraus )

SM : Esoumat feieren D' Flotters mat 40 Punkten an mir Keimen elo zu eiser 2 Ronn.

## 2. Ronn

SM : Mir hunn 10 Leit gefroot : Waat ass den bekannsten Edelsteen?
(Dauwenfiels mhoept am schnellsten )

JM : Ma jo den Diammant natierlech .

SM : Aaah an schon erem eng Top Entwert esoumat gin mir dan elo weider bei d'Famill DF.

MG : Smaragt droen ech nawel gans gaeren .

SM : Och richteg ech mengen mir hun een Gebit font ewou Famill DF. sech auskennt.

MA : En Opal huet mech schon emmer gereitzt.

SM : Dir sid jo richteg Insider an dem Domaine .

JMJ : BOF waat wees ech Cyrconen ? (mhoep)

MG : Waat mer hues du se dann nach all , elo pass awwer mol gutt op dass du net entierft gess .

SM : Madame berouegt ierch dir haat 3 Treffer an hut esoumat 30 Punkten erzielt .
Mir keimmen dan elo och schons an dei drett Ronn .

## 3. Ronn

SM : Mir hunn 10 Leit gefroot : Waat ass daat meescht gehaalent Hausdeier ?
( Dauwenfels klappt mei seier )

MA : Natiirlech eng Perser-kaats.

**SM :** Net top-aentwert mee och schon net schlecht.
( Geet bei d' Famill Dauweniels )

**JMJ :** Boha Constrictor .(mhoep)

**JM :** Papagai. (mhoep)

**MG :** Weiss Tigeren, dei hunn esou een scheinen Peltz. (mhoep)

**SM :** ( zuer Famill Flotter ) Dir kennt iech alt schon eng gescheit aentwert iwwerleen.

**SM :** ( zuer Famill Dauwenfiels) : Daat waren leider 3 Kraitzer an domat huet elo d'Famill Flotter d'chance des Fro richteg ze beaentwerten an soumat d'Punkten ze kreien.
(SM geet bei d'Famill Flotter)

**SM :** ( zum A ) Waat geifs du dann soen ?

**A :** En Hont.

**R :** En Goldfesch.

**E :** Mecken.

**SM :** Aeren Tip get gewaert, dir hut elo d'meenungen fun aerer Famill heieren, waat soot dir ?

**J :** Alles quatsch. Bei iis do owen hun d'Flei nach emmer d'iwwerhand.

**SM :** Top-aentwert. Alt nees huet eis Famill Flotter dei hechsten Punktzuel erreecht.
(40 Punkten Flotter)

## 4. Ronn

**SM :** Mir hunn 10 Leit gefroot : Waat ass dei meescht verkaaften CD ?
( Famill DF. klappt mei seier )

**JM :** Ma daat wees dach all Kannd . Daat ass ouni Fro den Sir Elton John mat sengem Candel in the wind.

**SM :** Richteg et ass awer schein och emol eng Top Entwert vun der Famill Dauwenfiels ze heieren.
( Geet bei d Famill DF. )

**MG :** Dèi 3 Tenoere.

**MA :** Dei 5 Symphonie vum Wolfgang Amadeus Mozart.

**JMJ :** Majo dann Kennen jo nemmen nach dei Toten Hosen iwwereg bleiwen well dei sin wirklech doud cool.
( mhoep )

**JM :** Aah neen et haet mech jo och net gewonnert, du bass en dommen Jong, du lauschters ni no an zit's mei numm emmer erem an den dreck, waart du bis mir doheem sinn da rabbelt et.

**SM :** Haer Dauwenfiels reecht iech net op, daat as dach nemmen e Spill.

**JM :** (Brellt) Et ass dach net dran dass mir besser Leit geint esou eisslecker Bauren den kiirzeren zeien.

**J :** So, Erna : Waat mengt hien domadder ?

**E :** Naischt Stippchen, daat ass naischt fir dain schwaart Haertz.

**SM :** W.e.g. mir sinn dach hei net mei am Mettelalter. Et waert dach meigeleg sinn sech ewei ziviliseiert Menschen ze verhaalen.
Mir hun domat en Endstand vun 120 zu 30 zu gonschten fun der Famill Flotter dei domat an der Finall sin.

( Allgemeng opreegung bei der Famill Dauwefiels )
( D'Famill DF. kritt een Troescht-prais vun der Assistentin )

(Den Papp an den Jong vun den Flotters Stinn zesummen beim SM, Dauwenfiels ennert Applaus eraus. Den Papp faengt unn, den Jong ennert Kopfhoerer op d'Sait.)

**SM :** An der Finallronn ukomm faenken mir mam Jempy unn. Jempy wellst du nach een greissen ?

J : Ma jo do wiir den Neckel aus iisem Stamminet do owen, an den Mellegmann, well soss hun mir net vill.

**SM :** Gutt, daat wier jo zimlech kuerz gewiecht. Domat kommen mir zu eiser eischter Fro.
Du hues 20 seconnen Zait op folgend 6 Froen ze aentwerten.

1) Weien ass, denger meenung no den meescht verkaaften Autosmodell ?

**J :** Natiirlech den Kaefer aus dem Preiseland. ( 7 Pers. )

2) Dei beleifsten Fernsehserie ?

**J :** Tagesschau. ( 3 Pers. )

3) Daat hechsten Bauwierk op der Welt ?

**J :** Eifeltuerm. ( 2 Pers. )

4) Daat Land mat deenen meeschten Scouten pro Awunner ?

**J :** England. ( 2 Pers. )

5) Deen Klengsten Dom vun der Welt ?

**J :** Iis Katedrahl ( 0 Pers. )

6) Den Baufaellegsten Scoutschallet am Land?

**J :** Houwalt ( 0 Pers. )

( Widderhellt d'Froen eng no der aaner an kuckt all keiers wivill Punkten den Papp gemach huet. )

**SM :** Ech widderhuelen nach eng keier, oder haat ech et nach net gesoot, Dass dei 2 op een Total vun 120 Punkten kommen mussen fir eisen Suppergewenn ze kreien.
Wei gesoot Jempy du hues 80 Punkten erausgeholl daat heescht dei Borscht muss der nach op d'mannst 40 kreien.

**SM :** Lo gett eis Wand erem geloescht fir d'aentwerten vum Alain.
( Den Papp geet eraus an den Jong kennt eran. )

**SM :** ( zum Jong ) Dain Papp huet eng ordentlech Punktzuel dohinnergeluecht du muss elo nach op d'mannst 40 Punkten maachen dann hud dir et gepackt, eisen Suuuuupperrrrgewenn.
( SM stellt dei nemmlecht froen dem Jong. )

1) Weien ass, denger meenung no den meescht verkaaften Autosmodell ?

**A :** VW Golf ( 10 Pers.)

2) Dei beleifsten Fernsehserie ?

**A** : D' Simsons ( 10 Pers.)

3) Daat hechsten Bauwierk op der Welt ?

**A** : Empire State Building ( 10 Pers. )

4) Daat Land mat deenen meeschten Scouten pro Awunner ?

**A** : Letzebuerg ( 10 Pers. )

5) Deen Klengsten Dom vun der Welt ?

**A** : ( Knachteg laachen ) Natiirleg de Condom.

6) Den Baufaellegsten Scoutschallet am Land ?

**A :** Daat kann nemmen deen Sandweiler Scoutschalet sinn. ( 10 Pers. )

**SM :** Och fir dech ass d'zait eriwer. Lo kucken mir weivill Punkten dass du gemaach hues.
(Dreien sech emm ann kucken op d'Wand)
(Hien kritt iwerall dei hechsten Punktzuel )

**SM** : Bravo, super dir sid einfach wonnerbar dir, dir als ongebilden Bauereknеppelen hut et dach taatsachlech faerdeg bruecht eisen Jackpot ze knacken. Kommt allerbei an loosst mech ierch gratuleieren..

(Dei gans Famill Flotter kennt eremm eragestiertzt an fallt sech ant Aerm . Et reent Konnfetti )
( Assistentin brengt den Check eran )

# *RIDEAUX*